N° 5160
Reçue le 30.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 5160 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet "Nouveau Centre d'intervention et de secours à l'Aéroport de Luxembourg"**

Virop ass et wichteg ze betounen, wéi och am PNOS zitéiert, dass d'Obligatioune vun der Europäescher Agentur fir Flugsécherheet (AESA) erfëllt ginn.

Den aktuellen Effektif vum Personal beim CIS Findel kann d'Flugsécherheet assuréieren an huet keng negativ Auswierkungen op d'Reputatioun vu Luxairport.

De CGDIS féiert de Moment Diskussioune mam Flughafebedreiwer, dëst mam Zil, fir en neie Service Level Agreement (SLA) auszeschaffen. Am Kader vun dësen Diskussioune soll gekläert ginn, ob eng spezifesch Rescue Unit no ICAO[1] Recommandatiounen exklusiv fir de Läschzuch vum Flughafe soll opgebaut ginn.

Onofhängeg vun enger spezifescher Rescue Unit wäert am neie CIS Findel, deen zur Zäit am Bau ass, zousätzlecht Personal schaffen, fir Ambulanzen a Läschween ze besetzen, déi am Alldag an der Ëmgéigend vum Flughafe wäerten zum Asaz kommen, am Noutfall awer och d'Rescue Unit bei engem Fligeraccident kënne stellen. D'Käschte vun der neier Kasär, déi am Januar 2023 de Betrib soll ophuelen, belafe sech op ronn 23 Milliounen Euro.

Lëtzebuerg, den 30/11/2021.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

[1] International Civil Aviation Organisation.